ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 29. Januar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister, un den Här Bausseminister, un den Här Mëttelstandsminister, un d'Madamm Gesondheetsminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

An engem Radio-Interview vum 26. Januar huet de Chef vun enger Lëtzebuerger Fluchgesellschaft matgedeelt, datt Persounen, déi an Zukunft nach wëlle fléien, en negativen Test op de Covid-Virus brauchen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Op wéi enger legaler Basis berout dës Decisioun? Gouf et an deem Kontext eng Ordonnance vun der Santé? Op wéi eng Manéier goufen déi respektiv Decisioune publizéiert ?
2. Ass et mat dem nationalen an europäesche kommerzielle Recht compatibel, datt eng Transportdéngschtleeschtung un eng gesondheetlech Konditioun gekoppelt gëtt? Wa jo, wat ass déi legal Basis heifir?
3. Ass eng Verweigerung vum Transport opgrond vun engem positive PCR-Test eng Diskriminatioun vu Leit opgrond vu gesondheetleche Consideratiounen?
4. Besteet de Risiko, datt an Zukunft nach aner medezinesch Tester verlaangt ginn, ier e Mënsch däerf en ëffentlecht Transportmëttel benotzen, och z.B. Tester op aner viral Erkrankungen, ewéi z.B. Grippen?
5. Ass et e Verstouss géint de «secret médical, wa Leit dem Flughafepersonal en negative medezineschen Test musse beim Embarquement virweisen?
6. Am Fall wou de Staat esou obligatoresch Konditiounen aféiert, fir nach kënnen ze fléien: Misst de Staat dann net och d'Käschte fir den Test iwwerhuelen?
7. Am Fall wou de Staat esou obligatoresch Konditiounen aféiert, fir nach kënnen ze fléien: Misst de Staat net och d'Méiglechkeet zur Verfügung stellen, datt sech d'Passagéier op engem auslännesche Flughafen direkt beim Embarquement kënnen teste loossen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742